FÉDUSE Enseignement CGFP

Lëscht 1

Walspezial 5/5 : Fuerderunge bis 2030

Karriär, Traitement an Indemnitéiten

Revalorisatioun vun der Karriär vum Professer a vum Formateur d'adultes

An de leschte Joerzéngte goufen all d'Haaptkarriären am Enseignement revaloriséiert, mat Ausnam vun deene vum Professer a vum Formateur d'adultes. Esou goufen d'Karriär vun den Enseignanten am Fondamental am Joer 2009 an déi vun de Chargés d'enseignement am Secondaire am Joer 2018 substantiell opgewäert. D'FÉDUSE-CGFP setzt sech fir eng ëmfaassend an zäitno Opwäertung vun de Karriäre vum Professer a vum Formateur d'adultes an.

Valorisatioun vum Travail de candidature

Als eenzeg Agenten an der ieweschter Karriär an der Fonction publique hunn d'Professeren E7 an d'Formateurs d'adultes E7 nom gepackte Stage nach missten een Travail de candidature schreiwe fir hir definitiv Nominatioun ze kréien. Fir dës opwendeg post-universitaire Fuerschungsaarbecht, déi si wärend mindestens 18 Méint am Optrag vum Héichschoulministère ausgeschafft hunn, gi si allerdéngs net belount, mee bestrooft, well sech hire Karriärsufank ëm mindestens 18 Méint verzögert. D'FÉDUSE-CGFP fuerdert dofir eng pensionnabel Prime vun 10 p.i. pro Mount fir déi Professeren a Formateurs d'adultes, déi een Travail de candidature ofgeschloss hunn.

Upasse vun der Prime P038

D'Professeren an d'Formateurs d'adultes aus dem Groupe de traitement A1 kréie 15 Joer no hirer definitiver Nominatioun eng net pensionnabel Prime vu 6 p.i. (Code P038 um Paiziedel). D'Enseignanten aus dem Groupe de traitement A2 kréien dogéint schonn 10 Joer no hirer Nominatioun eng Prime vun 12 p.i. (Code P092), déi hinne voll fir d'Pensioun ugerechent gëtt. D'FÉDUSE-CGFP fuerdert, dass d'Modalitéite vun der Prime P038 un déi vun der Prime P092 ugepasst ginn.

Aféiere vun enger Mutatiounsprozedur fir d'Formateurs d'adultes

Nodeems d'Affektatiouns- a Mutatiounsprozedur duerch den Asaz vun der FÉDUSE-CGFP viru kuerzem grondleeënd reforméiert gouf, sollen elo och endlech d'Formateurs d'adultes Urecht op eng Mutatioun innerhalb vum Circruit vun den Entitéiten INLL, ENAD, CNFPC an SFA kréien.

Ugemiessen Indemnisatioun vun de Rédacteurs-experts

Fir d'Enseignanten, déi als Rédacteurs-experts mam Ausschaffe vun Examensquestionnairen beoptraagt ginn, stellt dës Missioun net nëmmen eng grouss Verantwortung duer, mee virun allem eng bedeitend zousätzlech Aarbechtslaascht, déi si nieft hirer regulärer Tâche musse stemmen. D'FÉDUSE-CGFP setzt sech dofir an, dass d'Indemnisatioun fir dës wichteg an usprochsvoll Aarbecht substantiell no uewen ugepasst gëtt, fir dass d'Rédacteurs-experts endlech déi Wäertschätzung kréien, déi hinnen zousteet.

Upasse vun den Indemnitéite fir d'Membere vun de Programmkommissiounen

FÉDUSE Enseignement CGFP

Lëscht 1

D'Membere vun de Programmkommissiounen droen als Vertrieder vun hire jeeweilege Fächer op nationalem Niveau eng grouss Verantwortung, well si hei wäitreechend Entscheedungen treffen, déi direkt Auswierkungen op de Curriculum vun de Schüler hunn. Fir dës Aarbecht, déi déi betraffen Enseignanten ausserhalb vun hirer Tâche leeschte mussen, kréien si aktuell eng Indemnitéit ausbezuelt, déi ganz wäit ënnert deem normale Stonneloun vun engem Akademiker läit. D'FÉDUSE-CGFP fuerdert eng substanziell Upassung vun dëser Indemnisatioun, fir esou dës fundamental wichteg Aarbecht endlech adequat ze valoriséieren.

Valorisatioun vum Statut vum Fonctionnaire

Wärend virun 20 Joer de Statut vum Chargé d'enseignement am Secondaire eigentlech nëmmen als Iwwergang bis zum gepackten Examen-concours geduecht war, bleiwe mëttlerweil ëmmer méi Enseignanten dauerhaft ënnert dem Statut vum Employé. Eng vun den Ursaachen heifir ass sécherlech déi staark Opwäertung vun der Karriär a vun den Aarbechtskonditioune vun den Employéen an deene leschte Joren, wat progressiv dozou gefouert huet, dass et manner interessant ginn ass, sech dem Examen-Concours mat uschléissendem méi exigente well zertifikative Stage ze stellen. Och d'Méiglechkeet fir d'Employéen sech no 15 Déngschtjore fonctionnariséieren ze loossen (an Zukunft esouguer schonn ab 10 Déngschtjoren), ouni sech mussen dem Concours ze stellen, huet de Statut vum Employé zousätzlech méi interessant gemaach. Well gläichzäiteg awer d'Karriär vum Professer a Formateur d'adultes net geziilt promovéiert gouf, huet d'Attraktivitéit vun dëser gelidden. D'FÉDUSE-CGFP fuerdert, dass Enseignantë prioritär sollen ënnert dem Statut vum Fonctionnaire rekrutéiert ginn.

Den Examen-Concours, eventuell ugepasst, soll e wichtege Bestanddeel vum Rekrutement bleiwen, well dëse sécherstellt, dass de Kandidat deenen nationale fachspezifesche Qualitéitsufuerderunge gerecht gëtt. D'Beherrsche vun eisen dräi offizielle Landessprooche soll donieft e prioritären Astellungskrittär bleiwen. Dëst kann nëmme geléngen, wa gréisser Ureizer fir de Rekrutement iwwert de Wee vum Examen-Concours geschafe ginn an d'Karriär vum Fonctionnaire an allen Hisiichte méi attraktiv gemaach gëtt ewéi déi vum Employé.

Séier Ëmsetzung vum Ofschafe vum Facteur 36/52 a Steierbefreiung op den Iwwerstonnen

Ewéi dir sécherlech matkritt hutt, gouf am Accord salarial vum 29. Januar 2025 zréckbehalen, dass de reduzéierende Facteur 36/52, deen zanter der Stolkris Ufank den 1980er Joren an der Formel zur Berechnung vun der Indemnitéit fir eng Iwwerstonn applizéiert gouf, komplett gestrach gëtt. D'Ofschafe vun dësem Facteur correcteur bewierkt, dass de Bruttoloun fir eng Iwwerstonn zukünfteg ëm iwwer 44 % klëmmt. D'FÉDUSE-CGFP fuerdert, dass dëse Punkt vum Accord salarial direkt ëmgesat gëtt, fir deem jorzéngtelaang applizéierten, äusserst defavorabele Berechnungsmodus endlech een Enn ze setzen.

Och wa mir natierlech ganz zefridde sinn iwwert dës Errongenschaft, esou gesi mir se just als éischte Schrëtt a Richtung vun enger nach méi ugemiessener Bezuelung vun den Iwwerstonnen, déi d'Enseignanten heefeg vum éischte bis zum leschte Schouldag leeschte mussen. De Comité vun der FÉDUSE-CGFP wäert sech jiddefalls och weiderhin dofir asetzen, dass d'Besteierung op den Iwwerstonnen ofgeschaaft a virun allem déi geleeschte Surtâche och fir d'Pensioun mat ugerechent soll ginn!

Lëtzebuerg, de 4. Mäerz 2025

FÉDUSE Enseignement CGFP

Lëscht 1

D'KANDIDATE VUN DER CGFP-FÉDUSE

LËSCHT 1

GUIRSCH
Mona

Professeur d'allemand à l'Athénée
Secrétaire générale et Trésorière FÉDUSE
Membre du Comité fédéral de la CGFP
Attachée à la direction et déléguée SFA
Formatrice IFEN
Assesseur élu de la CHFEP

HEYMANS
Bob

Professeur de mathématiques au LJBM
Membre du comité de la FÉDUSE
Membre suppléant du Comité fédéral de la CGFP
Membre de la CNESC – mathématiques

KOHNEN
Gilles

Professeur de chimie au LAM
Secrétaire de la FÉDUSE
Membre du comité fédéral de la CGFP
Conseiller didactique et formateur à l'IFEN
Membre élu de la CHFEP

SCHOLTES
Raoul

Professeur de biologie au LCE
Président de la FÉDUSE
Membre du Comité fédéral de la CGFP
Président de la CNESG - Sciences naturelles
Vice-Président du Conseil Supérieur de l'Éducation nationale

D'Walziedele musse **bis den 26. Mäerz erëm zeréck am Walbüro** sinn.
Dofir schéckt Äre Vote fréi genuch fort
an **erënnert och Är Kolleegen** heirun!

Duerch all Är 4 Stëmmen: Staark fir d'Enseignanten!